GESCHICHT

RASSISMUS

Kolonial Amnesie

Renée Wagener

Dem Fränz Hausemer säi Film „Schwaarze Mann" werft Froen op iwwert d'Historiografie zu Lëtzebuerg.

Wéi ech Enn Mäerz op d'Avant-Première vum Fränz Hausemer sengem Documentaire „Schwaarze Mann" goung, wor ech net nëmme begeeschtert iwwert ee gutt gemaachenen an uspriechende Film zum Thema „Schwaarz-Sinn zu Lëtzebuerg". Ech sinn och zimlech erschüttert aus deem Film erausgaang, well ech mer als Historikerin Froe gestallt hunn.

Vum Personnage, ëm deen et am Film geet, dem Jacques Leurs, hat ech nämlech nach ni eppes gehéiert. Dee Mann, deen net nëmmen ee vun den éischte méi bekannte Lëtzebuerger mat donkler Hautfaarf wor, mee och eng impressionant Carrière als Gewerkschaftler a Politiker gemaach huet, ier e schonn am Alter vun 58 Joer gestuerwen ass, wor mir total onbekannt. An opwuel ech laang Joere esouguer Member vum Eisebunnerverband wor, huet ni ee mer vun dësem Personnage geschwat.

Fir d'Bedeitung vun deem Personnage richteg ze verstoen, muss ee sech bewosst maachen, wat dat fir eng Zäit wor: Et wor eng Zäit, wou d'Leit nach vun „Neegere" geschwat hunn, wou et an den USA nach gesetzlech legitiméiert Rassendiskriminéierung gouf, wou d'Kolonialzäit knapps réischt zu hirem Enn koum, a wou d'Lëtzebuerger Regierung verhënnere wollt, datt capverdianesch Portugisen a Portugisinnen géifen immigréieren.

„Circulez, y a rien à voir"

Den erstaunleche Fait, datt e Schwaarzen an där Zäit esou eng Carrière zu Lëtzebuerg gemaach huet, schéngt awer laang guer net thematiséiert ginn ze sinn. Dat mierkt een och, wann ee sech déi eeler Jubiläumsbroschüren ukuckt, déi d'Eisebunner-Gewerkschaft erausginn huet. An där vun 1984 zum Beispill fällt just e puer mol dem Jacques Leurs säin Numm: eng Kéier, well en nom Eisebunnerstreik vum 11.10.1949 ënner deene wor, déi kuerzzäiteg hir Aarbecht verluer haten, well se fir besser Léin gestreikt haten; an dann, well en iwwer Joren Trésorier vun der Gewerkschaft wor. [1] An zu sengem Doud huet et kuerz a knapp geheescht: „Am 25. November verschied

Dem Romain Hilgert an dem Régis Moes hir Bicher sinn zwou vun deene rare Publikatiounen, déi sech mat der Lëtzebuerger Kolonialgeschicht befaassen.



De Jacques Leurs: Eisebunner, Gewerkschaftler, Politiker – mee och sportlech aktiv an naturverbonnen.

unser Verbandskassierer, Jacques Leurs. Ehre seinem Andenken."

A wann een zäitgenëssesch Presseartikelen zu Gewerkschaftskongresser liest, dann huet een den Androck, datt ëm de Fall Jacques Leurs net vill Ophiewens gemaach gouf. Och am Ben Fayot senger Geschicht vum Sozialismus zu Lëtzebuerg, déi Enn der 1980er-Joren erauskoum, gëtt de Fait, datt mam Leurs e Schwaarzen erfollegräich fir d'Gemengewahle kandidéiert hat, net erwähnt. Esouguer am ganz rezente Band iwwert d'FNCTTFEL kënnt de Parcours vum Jacques Leurs net zur Sprooch. [2]

Lo kéint ee jo soen, datt dat Net-Erwähnen einfach eng zäitgenëssesch Haltung gewiescht wier. „Circulez, y a rien à voir", dat kennt een aus där Zäit och nach bei Membere vun anere Minoritéiten. Sou gouf bei jiddesche Leit hir Relioun an der Press oft net erwähnt, mol net, wa se Affer vum Holocaust gi woren.

Déi Haltung erkläert sech sécher zum Deel aus engem egalitäre Bestriewen eraus, datt een eben d'Leit net soll no rassisteschen oder reliéise Kritäre sollt bewerten. E Versuch, Inklusioun vu Minoritéiten duerch Net-Benennen ze erliichteren. Mee et wor awer zugläich och eng konformistisch Haltung nom Motto: „Iwwer Aneschtsi wéi de Mainstream schwätzt een net". An eiser Gesellschaft ass d'Normalitéit männlech, hetero, wäiss a chrëschtlech definéiert, dat spiggelt sech haut nach an der Sprooch erëm. Gläichheet konnt laang Zäit nëmmen duerch Assimilatioun geschéien: Just wien net opgefall ass, gouf akzeptéiert. Deem Assimilatiouns-Modell stoung wéi am Fall vum Jacques Leurs awer d'Hyper-Visibilitéit vun enger minoritärer Hautfaarw entgéint. Déi Hyper-Visibilitéit gouf am gesellschaftlechen Ëmgang einfach ausgeblend.

Produkt vum Kolonialismus

Mee och spéiderhi gouf dem Jacques Leurs säin impressionante Liewenswee net erfuerscht. An iwwer d'Parteien a Gewerkschaftsgeschicht eraus huet sech an der Historikerzunft kee fonnt, deen dëst Schicksal beschriwwen an analysiéiert hätt. Et huet missten e Regisseur wéi de Fränz Hausemer kommen, fir ze gesinn, wéi interessant dëst Schicksal wor an ze analyséieren, wéi déi zäitgenëssesch Lëtzebuerger Gesellschaft mat deem Personnage ëmgoung. De Film weist och, datt sech dobäi duerchaus och Beispiller vu Rassismus geäussert hunn.

Dat Net-Erwähnen ass menger Meenung no keen Zoufall. Wann esou schwiereg Theme wéi de Rassismus an de Kolonialismus geschichtlech zu Lëtzebuerg eréischt vill méi spéit wéi an anere Länner ugepaakt gi sinn, dann hat dat net nëmme mat Onbehollefheet ze dinn, mee och mat ganz konkrete Konflikter, an déi Lëtzebuerg duerch seng Partizipatioun um belsche Kolonial-Projet gerode wor. Vill Lëtzebuerger Famillen hate Familiememberen, déi dorun op déi eng oder aner Manéier deelgeholl hunn. De Jacques Leurs, deen seng perséinlech Existenz dësem Kolonial-Projet ze verdanken hat - säi Lëtzebuerger Papp hat als Fonctionnaire an enger belscher Kolonialfirma am Congo déi Fra kennegeléiert, déi dem Jacques Leurs seng Mamm sollt ginn -, huet déi ganz Problematik vun de koloniale Verhältnisser verkierpert.

Mee och de Fait, datt de Leurs zu Lëtzebuerg trotzdem konnt déi Carrière maachen, wier eng geschichtlech Analys wäert gewiescht. Hat dat domat ze dinn, datt hien, fir an där rassistescher Logik ze bleiwen, nëmmen en halwe Schwaarze wor? Oder huet einfach seng Lëtzebuerger Nationalitéit priméiert? Sécher huet och de Fait matgespillt, datt de Leurs en Enzelfall wor, där et der zu Lëtzebuerg just eng Handvoll gouf, an och seng gutt schoulesch Ausbildung, déi ëm d'Liewe méi einfach gemaach huet. Hei kann een Analogië feststelle mat dem Liewenswee vun der Jeannine Herrmann-Grisius, Kand vun engem Lëtzebuerg an enger Ruandesin, déi Ufank vum Joerdausend hir Mémoiren am Buch „Le visage oublié" festgehal huet a sech selwer als „Produkt vum Kolonialismus" bezeechent huet. [3]

Während de Jacques Leurs sech duerch seng Agebonnenheet an d'gewerkschaftlecht Liewen an Denken konnt eng mental Distanz zum Phenomen vum Rassismus opbauen, huet si sech déi Distanz duerch eng kosmopolitesch Approche geschaf a sech als lassgeléist vun der Iddi vun engem Ursprongsland bezeechent.

Datt keen sech mat deene Froen ausernanergesat huet, seet och eppes iwwert déi Lëtzebuerger Geschichtsfuerschung aus. Sécher, och an anere Länner hu sech Colonial Studies a Rassismus-Fuerschung eréischt zanter den 1970er-Joren entwéckelt, an dat am Ufank och éischter a marginale Sphären - analog zum Beispill zur Fraen- a Gendergeschicht. Mee et ass awer frappant, wéi genausou analog zu dëse Geschichtsfelder, bis an d'Nonzegerjoren eran zu Lëtzebuerg näischt passéiert ass - zu engem Zäitpunkt, wou sech dat an anere Länner schonn definitiv geännert hat. An et kann een eigentlech, ähnlech wéi et an der Fraen- a Gendergeschicht diagnostizéiert gouf, vun enger Onsiichtbarkeet schwätzen, déi vun den traditionellen Historiker net problematiséiert gouf. Déi éischt méi déif wëssenschaftlech Ausernanersetzung mat der Lëtzebuerger Participatioun um koloniale Projet, dem Régis Moes seng Analys iwwert d'Lëtzebuerger Communautéit am belsche Congo, datéiert ëmmerhi vun 2012.

Onsiichtbarkeet vun der Kolonialgeschicht

Wann ee sech déi ëmmer nach eenzeg Lëtzebuerger Geschichtszäitschréft „Hémecht" ukuckt, déi aus dem kathoulesche Milieu eraus entstan ass, da gesäit een, datt sech do méi fundamental réischt eppes am 21. Joerhonnert geännert huet, virdrun huet ee sech léiwer mat Lëtzebuerger Weekräizer, Archeologie oder dem

woxx | 08 06 2018 | Nr 1479

GESCHICHT

Eng aussergewéinlech Carrière: de Jacques Leurs als Trésorier vum Eisebunnerverband.

Zweete Weltkrich befaasst. Mee a méi lénksgeriichten Zäitschréfte wéi der „Galerie" blouwen sou Theme geneesou laang onbehandelt. Am Zentrum vun der sozialgeschichtlecher Fuerschung stoung joerzéngtelaang d'Aarbechterbeweegung, lues a lues gouf donieft och d'Immigratioun zu engem Thema.

De Régis Moes schreift a senger Aarbecht vun enger „absence du souvenir de la participation luxembourgeoise au système colonial dans la sphère publique" no der Dekoloniséierung a stellt fest: „La place de l'histoire coloniale luxembourgeoise dans la sphère publique se rétrécit comme peau de chagrin dans les années 1960 à 1980." De Kolonialismus wier moralesch als Ausbeutungssystem bewäert ginn a wier net méi salonfäheg gewiescht. Eréischt ab den 1990er-Jore wier en neien Interessi un enger kritescher Kolonialgeschicht opkomm, besonnesch mam Romain Hilgert senger Publikatioun „Banken, Kaffi, Hädekanner." [4]

Et fënnt een dëst Stillschweigen natierlech och an anere Länner. [5] Fir Holland stellt den Ulbe Bosma dee selwechte Phenomen vun Invisibilitéit vun der Kolonialgeschicht fest. [6] Een interessant Beispill ass d'Schwäiz, déi wéi Lëtzebuerg selwer och keng Kolonien hat, mee awer iwwer de Wee vun Handelsfirmen, Plantagebesëtzer oder Zaldote mat dorun Deel geholl huet. Am Buch „La Suisse et l'esclavage des Noirs" geet och vun enger „kolonialer Amnesie" Riets.

Haut, an enger Lëtzebuerger Gesellschaft, wou ënnerschiddlech Hautfaarwe méi oder manner zu enger Normalitéit gi sinn, schéngt den Assimilatiounsmodell engem Modell vu Multikulturalismus Plaz gemaach ze hunn, deen awer oft Abstraktioun mécht vun der kolonialer Vergaangenheet vun Europa am Allgemengen, a vu Lëtzebuerg am Besonneschen. Mee zanter e puer Joer gëtt et, ronderëm d'Aarbecht vun den Immigratiouns-ONGen, awer am Kader vun der Uni-Lëtzebuerg, en neien Intérêt fir dës Thematik, a grad och an engem postkolonialen Usaz, deen d'Konsequenze vum Kolonialismus bis haut abezéit. Och d'Lëtzebuerger Geschichtsfuerschung schéngt also endlech en Tournant matzemaachen.

Quellen:
[1] Fédération nationale des cheminots, travailleurs du transport, fonctionnaires et employés luxembourgeois: 75 Joër Landesverband, 1909-1984. Luxemburg 1984.
[2] 100 Joer FNCTTFEL Landesverband, 1919-2009, Luxembourg 2009.
[3] Herrmann-Grisius, Jeannine: „Ma maman colonisée, mon papa colon", Interview, in woxx, 644 (2002), S. 12.
[4] Hilgert, Romain: Banken, Kaffi, Hädekanner, 500 Jahre Luxemburg und die Dritte Welt, Luxemburg 1992.
[5] Thomas David, Bouda Etemad, Janick Marina Schaufelbuehl: La Suisse et l'esclavage des Noirs, Lausanne 2005.
[6] Bosma, Ulbe (Hg.): Post-Colonial Immigrants and Identity Formations in the Netherlands, Amsterdam 2012.

EUROPA

REGIERUNGSWECHSEL IN SPANIEN

Neue Gesichter, neues Glück

Tessy Troes

In Spanien sind binnen weniger Tage neue Regierungen in Madrid wie auch Barcelona vereidigt worden. Das Gespenst der Korruption soll verjagt werden.

Wie die Ironie es so wollte wurde zum Zeitpunkt, als Pedro Sanchez im madrilenischen Zarzuela-Palast als neuer Ministerpräsident Spaniens vor König Felipe trat, gleichzeitig eine neue Regierung in Katalonien vereidigt. Damit wurde der Artikel 155 der spanischen Verfassung, der den Autonomiestatus Kataloniens temporär aussetzte, nach fast neun Monaten anhaltender Krise im Katalonienkonflikt aufgehoben. Der Sozialdemokrat Pedro Sanchez muss Spanien nun in einer kritischen politischen Lage mit einer Minderheitsregierung führen.

Das Korruptionsgespenst

Mit 180 zu 169 Stimmen beim Misstrauensvotum wurde Mariano Rajoys Ende als Ministerpräsident nach fast sieben Jahren besiegelt. Der sogenannte Fall Gürtel, eines der größten Korruptionsverfahren in der Geschichte Spaniens, wurde dem Galizier schlussendlich zum Verhängnis. Seit 2009, als der Fall zum ersten Mal an die Öffentlichkeit gelang, hingen die Anschuldigungen über Rajoys Partido Popular. Der Geschäftsmann Francisco Correa (Correa ist spanisch für Gürtel) soll zwischen 1999 und 2005 ranghohe Politiker der PP, die damals unter José Maria Aznar die Regierung stellte, bestochen haben, um den in seinem Ring beteiligten Unternehmen lukrative öffentliche Aufträge zuzuschieben. Die juristische Aufarbeitung des Korruptionsskandals verlief stockend, erst 2016 kamen die meisten der 37 Verdächtigten vor Gericht; letzte Woche wurden 29 der Angeklagten zu insgesamt über 250 Jahre Haft verurteilt.

Mariano Rajoy jedoch, der selbst als Zeuge im Fall Gürtel vor Gericht erschien, erklärte, Francisco Correa nicht zu kennen. Er tat, was er so oft als Präsident tat, wenn seine Partei unter Kritik stand: den Fall herunterspielen und versuchen, ihn auszusitzen. Aus dem Oppositionslager kam dieses Mal jedoch vehemente Kritik. Pedro Sanchez, 48-jähriger Generalsekretär der sozialdemokratischen PSOE, forderte Rajoy sogar auf, noch am gleichen Tag zurückzutreten. Rajoy sei verantwortlich für das Klima der Korruption, das in Spanien herrsche.

In rezenten Umfragen litt auch die Beliebtheit der konservativen Partei bei den Wähler*innen: Die Partei, die momentan 137 der 350 Abgeordneten im spanischen Parlament stellt, fiel hinter die deutlich jüngere Ciudadanos-Partei zurück. Die harte Hand Rajoys im Katalonienkonflikt, sowie die etwa 50 Korruptionsfälle von Parteimitgliedern, hingen wie ein Damoklesschwert über ihnen.

Elf Ministerinnen, sechs Minister und ein König - das neue spanische Kabinett bei der Vereidigung.

FOTO: JAVIER LIZON / EPA-EFE

Nach dem verlorenen Misstrauensvotum trat Rajoy am Mittwoch als Leader der konservativen Partei zurück. Wäre der Weg jetzt frei, einen Erneuerungsprozess innerhalb der Partei anzukurbeln, meldete sich nur wenige Stunden nach Rajoys Abtritt ein alter Bekannter: José María Aznar, Spaniens Ministerpräsident zwischen Mai 1996 und März 2004. In seinem Auftritt erklärte Aznar sich bereit, an dem unabdingbaren Wiederaufbau der Mitte-rechts-Partei zu arbeiten. Dabei richtete er scharfe Worte gegen Rajoy und seinen Umgang mit der abtrünnigen Region Katalonien: „Die Rebellion und Sezession in Katalonien wurden nicht kontrolliert. In Katalonien gibt es jetzt eine Regierung der Putschisten, die Bewegung wurde trotz der Einbindung der Justiz und den Neuwahlen nicht niedergerissen."

Ein Versuch der Entspannung

Sanchezs PSOE hällt nur 85 der insgesamt 350 Sitze im Parlament. Mehrmals kamen Koalitionsvorschläge von seiten Podemos, die ihre 71 Abgeordneten für eine stärkere, sozialistische Regierung anboten. Zu einem Treffen der beiden größten Oppositionsparteien kam es jedoch nicht; im Podemos-Lager strich man jedoch auch hervor, dass Sanchez den politischen Wechsel nicht nur mit seiner eigenen Partei, sondern durch den Zusammenhalt vieler Parteien erreicht hat.

Um die nötigen Stimmen für den Gewinn des Misstrauensvotums zu gewinnen, musste Pedro Sanchez vor allem den nationalistischen Parteien aus dem Baskenland und Katalonien Zugeständnisse machen. So versprach er etwa an dem vom PP entworfenen Haushaltsplan 2018 festzuhalten, da dieser mehr Geld für das Baskenland vorsieht. Außerdem hat Sanchez den katalanischen Separatist*innen ein Dialogangebot gemacht.

Sanchez strebt klar eine Phase der Entspannung an, allerdings werden ihm seine eigene Worte - der katalanische Präsident Quim Torra sei ein Rassist - schwer auf den Schultern liegen. Zudem nominierte der 48-Jährige mit Josep Borrell, einen ehemaligen europäischen Parlamentspräsidenten und altbekannten Katalanen, der der Unabhängigkeitsbewegung in seiner Heimatregion kritisch gegenübersteht. Im vergangenen Oktober sagte er etwa, Katalonien sei nicht wie Litauen, Kosovo oder Algerien, es sei weder ein besetztes noch ein militarisiertes Gebiet.

Auch in der Zivilgesellschaft versucht man, den Konflikt zu entspannen. So bot die unionistische Sociedad Civil Catalana, den separatistischen Organisationen Omniun und ANC, deren Präsidenten Jordi Cuixart und Jordi Sanchez seit Oktober in Untersuchungshaft sitzen, an, sich an einen Tisch zu setzen. Die Zivilgesellschaft Omnium kommentierte lapidar auf Twitter, dass man immer offen für einen Dialog zwischen friedlichen Demokraten sei, und dass man sich gerne in Soto del Real sehen könnte - dem Gefängnis in Madrid, wo ihr Präsident sitzt.

Während der Debatte vor dem Misstrauensvotums versprach Sanchez auch, Reformen im sozialen und Bildungsbereich anzustreben, sowie die sogenannte Ley Mordaza, die unter Rajoy vorgestellt wurde, zu ändern. Das 2015 in Kraft getretene Gesetz schränkt die Rechte der Demonstrant*innen stark ein und wurde vom Human Rights Watch als eine direkte Bedrohung der Rechte zum pazifistischen Zusammenkommen und der Meinungsfreiheit erklärt.

Neue Gesichter

Einem Paukenschlag gleich kam die Vorstellung von Sanchez' neuem Kabinett: 11 Frauen und 6 Männer sollen das Geschehen des Staates auf der iberischen Halbinsel ab dieser Woche lenken. Neben Josep Borrell nominierte Pedro Sanchez mehrere populäre Gesichter: So übernimmt der erste spanische Astronaut Pedro Duque den Posten als Wissenschaftsminister - Màxim Huerta, Schriftsteller und Schauspieler, wird Kultur- und Sportminister.

Carmen Calvo und Carmen Monton hatten schon in vorhergegangen Regierungen Posten, wechseln dieses Mal nur das Ministerium. Fernando Grande-Marlaska seinerseits wurde als Richter im Prozess gegen das ehemalige ETA-Mitglied Arnaldo Otegi bekannt. Justizministerin wird Dolores Delgado, die durch ihre Rolle am nationalen Staatsgerichtshof auch Erfahrung mit Terrorismus gesammelt hat.

Eine der Schlüsselfiguren dieser Regierung wird die gebürtige Katalanin Meritxell Batet sein: Die 45-Jährige Expertin für Verfassungsrecht wird sich als neue Ministerin für territoriale Politik viel mit ihrer Heimatregion befassen müssen.

Mariano Rajoy galt als einer der letzten großen Kämpfer der spanischen Politik. Das Urteil gab seiner konservativen Partei die Möglichkeit zu einem Erneuerungsprozess. Sollte José Maria Aznar jedoch an die Parteispitze zurückkehren, dürfte die jüngere und dynamischere Ciudadanos-Partei, die in rezenten Umfragen auf dem ersten Platz lag, ihr schnell den Rang ablaufen. Pedro Sanchez seinerseits, der in der Presse oftmals als Trudeau oder Macron-ähnlicher Posterboy gehandelt wird, hat einige Monate Zeit, an Beliebtheit zu gewinnen und das Land politisch zu stabilisieren. Die Nominierung seines Kabinetts und die entschiedene Erklärung, sich mit den katalanischen Separatist*innen an einen Tisch zu setzen zeigen, dass er keine Angst hat, einen Schritt in die Zukunft zu wagen.